



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

Luxembourg, le 17 août 2021

Monsieur
Marc HANSEN
Ministre aux Relations avec le Parlement
LUXEMBOURG

Objet: Réponse commune de Monsieur le Premier Ministre, Ministre d'État, et de Madame la Ministre de la Justice à la question parlementaire n°4693 posée le 20 juillet 2021 par les honorables Députés Messieurs Sven CLEMENT et Marc GOERGEN concernant la conservation de données.

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse commune à la question parlementaire sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma haute considération.

Le Premier Ministre

A handwritten signature in black ink, appearing to be 'X. Bettel', written over a faint horizontal line.

Ministre d'État

Äntwert vun dem Här Premierminister, Staatsminister, a vun der Madamm Justizministesch op d'parlamentaresch Fro n°4693 vum 20. Juli 2021 vun den honorabelen Hären Deputéierten Sven CLEMENT a Marc GOERGEN iwwert den Zougrëff op Vorratsdaten am Kader vun Ermëttlungen

Zur Fro 1:

Et ass net méiglech unzegi wéi oft an de leschten 10 Joer am Kader vun Ermëttlungen op Vorratsdaten zeréckgegraff gouf. Consultatioune vu gespäichertem Daten gi vum Untersuchungsriichter opgrond vum Artikel 67-1 vum Lëtzebuerger Code de procédure pénale am Kader vun enger Enquête ugefrot. Dës Moosnam fléisst, wéi och all aner Moosnam, déi den Untersuchungsriichter hält, an den Dossier pénal, esou dass keng spezifesch Statistiken iwwer d'Notze vun esou Donnéeën gemaach ginn.

Den Artikel 67-1 vum Code de procédure pénale grenzt natierlech d'Notze vu Vorratsdaten strikt an. Esou eng Moosnam kann nëmmen geholl gi fir Strofdoten op deenen opmannst 1 Joer Prisong steet a muss speziell motivéiert sinn. Déi concernéiert Persounen ginn och doriwwer informéiert. Weider hu si d'Recht, d'Nullitéit vun där Moosnam ze froen. Fir den Detail verweist d'Regierung op d'Äntwert vun der Justizministesch op déi parlamentaresch Fro Nummer 4155 vum 23. Abrëll 2021.

Et wäert awer zu Adaptatioune vun eiser Gesetzgebung an deem Beräich kommen, esou wéi d'Justizministesch dat och scho virun der Chamber ugekënnegt huet. Dat fir de rezenten Evolutiounen vun der europäescher Jurisprudenz iwwer d'Vorratsdatenspäicherung Rechnung ze droen.

Och op europäeschem Niveau sinn den Ament Analysen iwwer déi rezent Urteiler vun der CJUE amgaange fir eng Léisung op EU Niveau ze fannen.

Zur Fro 2:

Der Regierung ass keen onerlabten Zougrëff op Vorratsdate bekannt.